

## Videokonferenze vum 22. Abrëll a vum 5. Mee 2020

Äntwerten op d'Froen, déi den SNE/CGFP am Zesummenhang mat der Reprise vun der Schoul gestallt huet

### 1. Allgemeng Fuerderunge vum SNE/CGFP

**D'Aarbechtszäit gött an Unitéiten (leçons) an net a Stonne berechent.**

De MENJE huet sech heimadder averstanen erkläert.

**D'Flexibilitéit vum Ufank a vum Enn vun de Coursë jee no Gemeng muss bestoe bleiwen.**

De MENJE huet eis gesot, dass d'Gemenge bis elo do eng gewëssen Autonomie haten an déi sollt och bestoe bleiwen. Et misst een awer en zäitleche Kader setzen, dee sech vun 8.00 bis 13.00 Auer erstreckt a 5 Schoulstonne pro Dag ëmfaasst. Wéini d'Pause sinn, géife si net virschreiwen an dat misst vun de Schoulen decidéiert ginn.

**Den Artikel 3 vum « Règlement grand-ducal modifié » vum 23. Mäerz 2009 iwwert d'Tâche vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren aus dem « Enseignement fondamental » muss seng Gültegkeet behalen.**

De MENJE ass domadder averstanen an et bleift derbäi, dass 2/5 vun de Schoulstonne kënnen op 50 Minutte reduzéiert ginn. De Rescht si Schoulstonne vu 55 Minutten.

**Et däerf keen Enseignant gezwonge ginn, fir Iwwerstonnen ze leeschten. Et däerf och net derzou kommen, dass d'Direktiounen Drock op d'Personal ausübe fir dass si Iwwerstonne leeschte sollen.**

De MENJE huet eis verséichert, dass d'Leeschte vun Iwwerstonnen op enger fräiwëlleger Basis geschéie soll. Si maachen awer en Appell un d'Enseignantë fir hir Tâche eventuell eropzesetzen an encouragéiere si, Iwwerstonnen ze maache fir esou d'Intervenantë pro Klass op e Minimum ze reduzéieren.

**Enseignanten oder Kanner, déi am Confinement mat vulnerabele Persounen sinn, sollen doheem bleiwe kënnen.**

Do huet de MENJE op de « Ministère de la Santé » verwisen, mat deem si nach misste Récksprooch huele fir déi Fro definitiv ze klären. Et schéngt, wéi wann et an dësem Fall duer geet, en « Certificat de vulnérabilité » vun der vulnerabele Persoun, mat där een am Confinement leeft, virzeweisen. Fir den SNE/CGFP ass et awer kloer, dass d'Kanner an d'Enseignanten, déi zesummen am Confinement mat enger vulnerabele Persoun liewen, net physisch present am Kontakt mat de Kanner an der Schoul däerfe sinn.

**Den SNE/CGFP besteet dorobber, dass de Cours net gefilmt däerf ginn. Vulnerabel Schüler solle weiderhi mam « Enseignement à distance » beschoult ginn ouni mussen heifir op e Videostream zrëckzegräifen.**

De Minister Meisch bleift bei senger Positioun, dass Filmer solle gemaach ginn, awer et misste strikt Reegelen agehale ginn. Fir hien ass dat dee beschte Wee fir déi vulnerabel Kanner ze errechen an an hirer Klass ze integréieren. Hie gesäit do 2 Optiounen: entweder e Livestream aus der Klass oder awer e Film vum Dag, deen dann un déi Kanner, déi doheem sinn, verschéckt gi soll. De gesetzleche Kader fir esou eng Initiativ huet de Minister Meisch mat sengem juristesche Service gekläert. Dee gesäit kee Problem. Dës Weidere géif de MENJE d'Eltere responsabiliséiere fir « en bon père de famille » mat deene Filmer ëmzegoen. Den SNE/CGFP bleift bei sengem grondsätzlechen « Neen », ausser all concernéiert Acteure wäeren domadder averstanen. Falls all d'Acteure mat d'accord si fir ze filmen, esou ass et fir den SNE/CGFP ganz kloer, dass och da muss séchergestallt ginn, dass kee Mëssbrauch mat deene Filmer däerf gemaach ginn. An den Ae vum SNE/CGFP missten awer aner Léisunge fonnt gi fir déi vulnerabel Kanner ze errechen.

**Den Enseignant schafft just moies a gëtt net mëttes an der Maison Relais agesat.**

Dëst gouf vum MENJE confirméiert. D'Léierpersonal hält entweder moies fir déi Kanner an der Unterrechtswoch Schoul oder betreit moies déi Kanner an der Übungswoch bei hiren Aufgaben.

**D'Gemenge si responsabel fir an de Schoulen den « Etat des lieux » ze maachen an ze garantéieren, dass all Hygiènesmesuren « en place » gesat ginn. Et ginn anscheinend och Schoulen, wou d'Infrastruktur vun de sanitären Aariichtunge ganz schlecht ass (z.B. mol keng Lavaboen an der Klass).**

Laut MENJE ginn d'Gemengen opgefuerdert, dësen «Etat des lieux» ze maachen an alles en place ze setzen. Dës Weideren huet de MENJE verséichert, dass et zu enger beschtméiglecher Protektioun vun den Enseignanten an der Schoul komme soll. Hei ass eng Zesummenaarbecht tëschent dem MENJE, dem Syvicol an de Gemenge virgesinn. Esou huet de MENJE och Desinfectante fir d'Gemenge matbestallt a suert dofir, dass virun all Pult eng Plack aus Plexiglas installéiert gëtt. D'Kanner an d'Enseignantë kréie vum MENJE e Buff als Mondschtz zur Verfügung gestallt. Dëse Buff muss een um Schoulwee, an der Schoul an an der Paus unhalen. Am Klasesall selwer kann een de Buff ausdoen. Generell gëllt d'Regel: Wann d'Distanz vun zwee Meter net agehale ka ginn, muss ee säi Mondschtz undoen. Wat de Signalement vun de « sens uniques » an de Schoulen ugeet, fir dass d'Schüler sech net kräizen, ass eng Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng, dem Schoulcomité an dem « Délégué à la sécurité » virgesinn.

Den SNE/CGFP fuerdert, dass effektiv an all de Schoulen en « Etat des lieux » gemaach gëtt fir esou all d'Hygiènesmesuren am Virfeld « en place » ze setzen. Den SNE/CGFP weist dorobber hin, dass d'Installatioun vun de Klasesäll, d'Decisiounen wéi vill Bänken an e Sall passen, d'Réckele vun de Bänken, d'Ofhuele vun den Klasesäll, d'Installatioun vun den neie Wee-Beschrëftungen, d'Ophänke vu COVID-Plakater an Informatiounen, d'Ofspären an d'Opdeele vum Haff mat Barrièren etc., alles Aufgabe vun der Gemeng an de Gemengeservicer sinn. Dës Weideren bleift et fir den SNE/CGFP d'Viraussetzung, dass den Enseignant net responsabel gemaach ka ginn, wann d'Kanner d'Mesuren net anhalen.

**D'Gemenge mussen d'sanitär Konditiounen vum Schülertransport garantéieren.**

Och hei verweist de MENJE un d'Gemengen an un de Syvicol, wou dat zesumme gekläert gouf. Fir den SNE/CGFP ass et kloer, dass och beim Schülertransport (Bustransport a Pedibus) déi sanitär Bedingunge mussen erfëllt sinn, esouguer wann dat géif heeschen, dass d'Bussen dephaséiert oder zweemol misste fueren.

**Klassen an A- a B-Gruppen anzedeede mécht just Sënn, wann déi selwecht Andeelung esouwuel an der Schoul wéi och an der Betreuungsstruktur agehale gëtt. Dofir däerf et net zu Zesummeleunge vu Gruppe kommen, weder moies nach mëttes. D'Vermëschung vun de Kanner ass tabu.**

Bei der éischter Videokonferenz huet de MENJE an dësem Punkt nach d'Aschätzung vum SNE/CGFP gedeelt. Am Moment klärt de MENJE awer mat dem Gesondheitsministère, ob et net awer méiglech ass, kleng Gruppe beieneen ze leeën. En absolutten NOGO fir den SNE/CGFP.

**Déi Enseignanten, déi physesch an der Schoul sinn, däerfen net och nach erugezu gi fir den « Enseignement à distance » vun de Kanner ze assuréieren, déi doheem bleiwen.**

De MENJE verweist hei erëm op de Videostream. An deem Fall bréicht den Enseignant keen « Enseignement à distance » ze organiséiere fir déi Kanner, déi doheem bleiwen. Den « Enseignement à distance » duerch en aneren Enseignant wéi den Titulaire ze assuréieren, géif dem MENJE no, schwéier ginn, well deen d'Kanner weider net kennt. D'Schoulpflicht bleibt bestoen. Wann et Eltere gëtt, déi hir Kanner net wëllen an d'Schoul schécken, da musse si Recours op den Homeschooling huelen.

**Am Fall wou d'Schoul an d'MR op engem Site sinn a sech esouguer deelweis déi selwecht Infrastrukturen deelen (Schoulhaff), riskéiere mir awer tëschent 50 an 100% vun de Schüler um Site ze hunn.**

De MENJE erklärt, dass d'Schoul an d'MR net iwwerall op engem Site sinn an och do, wou se op engem Site sinn, d'MR an d'Schoulen net ëmmer déi selwecht Infrastrukturen notzen. Dës Weidere sollen an de Gemengen all méiglech Infrastrukture benotzt gi fir d'Betreiung vun de Kanner ze garantéieren. Bei guddem Wieder kéinten d'MR och d'Betreiung no baussen an d'Natur verleeën. De MENJE ënnersträicht awer nach eng Kéier, dass d'Kanner sech net kräizen a vermësche sollen.

**Am Fall, wou den « Appui pédagogique » d'office bei d' « Tâche d'enseignement direct » derbäi gerechent gëtt, kann den SNE/CGFP net domadder d'accord sinn, dass eng voll Tâche 24,5 Leçons sinn. D'Gesetz huet hei eng Flexibilitéit virgesi fir sech virzeschaffen an et kann een net einfach soen, dass déi 54 Stonnen 1,5 Stonnen (« Leçons » am « Enseignement direct ») pro Woch sinn.**

Laut dem Minister Meisch wäert et net zu enger obligatorescher Conversioun vum « Appui pédagogique » kommen. Béid Parteie ware sech eens, dass et eventuell Enseignantë ginn, déi hiren « Appui pédagogique » fir d'ganz Joer scho geleescht hunn. Wann den Enseignant bereet ass, fir mat senger Tâche vun 23 op 25 Schoulstonnen eropzegoen, kritt hien heifir zwou Iwwerstonne berechent, déi hien entweder op de CET gesat kritt oder awer als Iwwerstonn ausbezuelt kritt.

Dëse Choix misst dem SNE/CGFP no och fir d'I-EBS aus dem A1 gëllen, déi dem MENJE no hir Iwwerstonne just op den CET däerfte setzen.

**Et kann net sinn, dass d'Dechargen an « Enseignement direct » ëmgewandelt ginn. Et kann net sinn, dass den Enseignant muss argumentéieren, firwat hien seng Decharge nach brauch fir se kënnen oprecht ze erhalen. Et kann ee bal frou sinn, dass d'Comitésmemberen an d'« Coordinateurs de cycle » an dësen Zäiten net nach bal méi Decharge froen.**

Den SNE/CGFP an de MENJE ware sech eens, dass déi aktuell Dechargë bleiwe géifen. Eens ware mir eis och, dass déi Leit, déi « administrativ » Dechargen hunn wéi zum Beispill déi vum Schoulpresident, Comitésmember, Coordinateur de cycle,... elo besonnesch gefuerdert sinn.

**Am Moment ass et an den Ae vum SNE/CGFP net méi un der Zäit, dass d'Enseignantë Remplaçanten, fir d'« Habilitation à enseigner dans l'enseignement fondamental » ze kréien, ausbilden.**

Dës Thematik ass an der Videokonferenz net ugeschwat ginn.

## Den SNE/CGFP ass a bleift géint eng Reouverture vum Cycle 1.

De MENJE versteet eis Retizenzen an ass sech och bewosst, dass d'Sécherheitsregelen, déi fir den Cycle 2 bis 4 gëllen, net eent zu eent am Cycle 1 ëmzesetze sinn. Hien hält awer weiderhin u senger Positioun fest, den Cycle 1 opzemaachen. Et lafen nach Gespréicher tëschent dem MENJE an dem Gesondheetsministère fir ze klären, wéi eventuell aner Sécherheitsmesuren am Cycle 1 kéinten ausgesinn. Esou ass eventuell ugeduecht, am Cycle 1 kleng Gruppe funktionéieren ze loossen, déi no baussen ofgetrennt sinn, an déi no banne méi familiär kéinte funktionéieren. Et soll och nach zu weidere Gespréicher mat de Gewerkschafte kommen.

## Generell Froen

### Wéi sollen d'A- a B-Gruppen opgestallt ginn?

D'Opdeelung an A- a B-Gruppe muss laut MENJE dem Fait Rechnung droen, ob d'Eltere vun der Übungswoch Gebrauch maachen oder net. Doduerch kéint d'Zuel vun de Gruppe reduzéiert ginn, well een da fir déi Kanner déi doheem bleiwe keen Übungsgrupp bräicht virzegesinn. Aner Krittäre sollen d'Heterogenitéit vun de schoulesche Leeschtungen, de Respekt vun de Fratien am selwechte Rhythmus an de Wonsch vun de Kanner sinn. Fir den SNE/CGFP ass et awer kloer, dass déi lescht Decisioun hei beim Enseignant muss leien.

### Ënnert wien senger Responsabilitéit lafen d'Léier-, d'Übungs- an d'Betreiungsgruppen?

Esouwuel d'Léier- wéi och d'Übungswoche moies lafen ënnert der Responsabilitéit vum MENJE, während d'Mëttesbetreiung ënnert der Responsabilitéit vun de Maison-Relais leeft. De MENJE huet nach emol betount, dass just d'Léiergruppe moies obligatoresch sinn. All déi aner Angeboter (Übungsgrupp, Betreiung am Nomëtten) si fakultativ.

### Wien mécht déi lokal Organisatioun vun der Übungswoch?

De MENJE gesäit do vir, de Schoulen déi néideg personell Ressourcen zur Verfügung ze stellen. Bei der Verdeelung vun de Ressourcë soll et zu engem Zesummespill tëschent de regionalen Direktiounen an dem Schoulcomité kommen. Den SNE/CGFP ass hei ganz kloer: Wann d'Übungswoch schonn ënnert der Responsabilitéit vum MENJE lafe soll, da mussen d'Regionaldirektiounen och fir d'Organisatioun vun den Übungswochen zoustänneg sinn, natierlech en Concertatioun mat de Schoulcomitéen. Et dærf op kee Fall hei zu engem Surplus un Aarbecht fir de Schoulcomité kommen.

### Däerfen an exzeptionelle Situatiounen Enseignanten, déi just d'Habilitatioun hunn fir am Cycle 1, respektiv am Cycle 2-4 ze schaffen, och asprange fir Coursen an engem Cycle ze halen, wou si keng Habilitatioun hunn?

Laut MENJE steet dat schonn am Gesetz an ass also méiglech.

### Gëtt et moies virun der Schoul nach e « Service d'accueil »? Wa jo, da vertritt den SNE/CGFP d'Meenung, dass et och do net zu enger Vermëschung vun de Gruppen dærf kommen, mat all de prakteschen Organisatiounsschwieregkeeten déi dat mat sech bréngt.

E « Service d'accueil » ka vun de Gemengen organiséiert ginn, ass awer net obligatoresch. Wann en Accueil assuréiert gëtt, da muss en no de selwechte Reegele wéi an der Schoul gemaach ginn.

### Wat geschitt am Fall wou den Titulaire krank ass a keen Ersatz fonnt gëtt? Missten net temporär all déi Enseignanten, déi net mat Kanner schaffen an zur Zäit mat enger spezieller Missioun betraut sinn, dee Moment erugezu ginn? Gruppen opdeele kënn fir den SNE/CGFP net a Fro!

De MENJE bestätegt, dass si nach iwwer Personalressourcë verfügen. Och kéinte Studente mobiliséiert ginn. Et kéinten och Leit vum SCRIPT agesat ginn.

**Wat geschitt mat de Kanner aus de Foyeren oder Heemer? Déi wunnen oft a Liewensgruppen zesumme vu bis zu 10 Kanner, déi oft a verschiddene Klassen, an dësem Fall a verschiddene Gruppe sinn. Wéi gëtt dat gehandhaabt?**

De MENJE erkläert, dass et an de Foyeren, Internater an Heemer scho méi strikt Reegele géif ginn. Et soll probéiert ginn, d'Kanner esouwäit wéi méiglech an déi selwecht Gruppen ze setzen.

**Wéi leeft d'Orientatiounsprozedur am C4 of? Do bleiwe vill Froen op: z.B ginn d'Resultater vun den Epreuven, déi nach gemaach goufe kommunizéiert? Kënnen déi aner Epreuven nach gemaach ginn? ...**

De MENJE rappelléiert, dass d'Epreuven, déi scho gemaach goufen, net zielen. Déi restlech Epreuve ginn och net nogeholl. D'Elteregesprécher kéinten och per Videokonferenz gemaach ginn. Fir den SNE/CGFP bleiwen trotzdeem nach eng Rei Froen op, déi nach misste gekläert ginn.

**Steet genuch Personal zur Verfügung fir d'Übungsgruppe funktionéieren ze loossen? D'Surnumerairen aus dem « Enseignement fondamental » ginn dofir net duer.**

De MENJE ass zouversichtlech, dass hien do iwwert genügend Personal verfüge wäert. Niewent de Surnumerairë kéint zum Beispill och op Personal aus dem « Institut National des Langues » an aus der « Formation des Adultes » zrückgegraff ginn. Och d'Studente kéinten do agesat ginn. Wann d'Maison-Relais en Iwwerschoss u Personal hunn, kann dat Personal och moies an den Übungswochen agesat ginn. Den SNE/CGFP bleibt awer weiderhi skeptesch, ob de MENJE dat personalméisseg gestemmt krit.

**Ass garantéiert, dass all Kand onofhängeg vu sengem Alter ab der Reprise entweder eng Plaz an der Crèche oder der Maison Relais kritt? D'Versuerge vun de Kanner duerch d'Grousseltere fällt jo elo ewech.**

Bei dëser Fro huet de MENJE op de Congé pour raisons familiales higewisen. Dee gëtt zwar an der allgemenger Form nom 25. Mee net bäibehalen, et ginn awer dräi Ausnamen:

- 1) Wann een e Kand doheem huet, wat vulnerabel ass.
- 2) Am Fall wou eng Betreierung an der Maison Relais net garantéiert gi kann, entweder aus personellen oder raimleche Grënn. An deem Fall muss een dat vun der Gemeng zertifizéiert kréien.
- 3) Fir Kanner bis dräi Joer. D'Crèchë ginn zwar opgemaach, mee d'Eltere behalen de Choix entweder dat Angebot unzehuelen oder awer hir Kanner doheem ze betreien.

**Ass eng Lunchbox am Enseignement fondamental virgesinn? Wa jo, wéi gesäit dat aus a wéini ass virgesinn déi Paus fir de Lunch ze maachen?**

Laut MENJE kënnen d'Maison-Relais Lunchboxe maachen. Et muss awer och erausfonnt ginn, wéi grouss de Besoin u Lunchboxe pro Dag ass. Déi Kanner déi um 13.00 Auer heem gi wäerte warscheinlech net op d'Lunchboxen zrück gräife wëllen. D'Lunchboxe géife mat Numm an d'Schoule geliwwert ginn, awer eréischt no der Schoulzäit giess ginn.

Den neisten Informatiounen no, müssen d'Maison-Relais net onbedéngt op Lunchboxen zrückgräifen, mee kënnen d'Gruppen och mat waarmem lesse versueren. Dat läit an der Responsabilitéit vun der Maison Relais. D'Gruppe sollen awer isoléiert bleiwen.

## **2. Froen zu de vulnerabele Schüler an Enseignanten**

**Wéini ass ee vulnerabel?**

De Ministère de la Santé huet en Dokument eraus ginn, wou déi genau Krittären drastinn, wéini ee vulnerabel ass.

**Gehéiert eng schwanger Fra och zu de vulnerabele Persounen?**

Laut der Lëscht zielt eng schwanger Fra net zu de vulnerabele Persounen.

### Wéi ginn déi vulnerabel Enseignanten agesat?

Laut MENJE gi si iwwerall do agesat, wou si net am Kontakt mat Kanner sinn.

### Wéi ass d'Prozedur fir d'Vulnerabilitéit festzustellen an ze zertificéieren? Kënnen all Dokteren dat zertificéieren (Generalist oder Spezialist)?

Laut MENJE attestéiert den Dokter mat engem Certificat, dass den Enseignant vulnerabel ass. Dëse Certificat soll den Enseignant dem Direkter era reechen. Kloe ass, dass d'Initiativ vum Enseignant ausgoe muss. Als vulnerabel Persoun kritt een awer net imposéiert doheem ze bleiwen, mee dat ass jidderengem seng perséinlech Decisioun.

### Wéi ass de Plang vum Menje fir vulnerabel Enseignanten oder Enseignanten, déi am Confinement mat Personnes à risque zesumme sinn, ze ersetzen?

Fir vulnerabel Enseignanten ze ersetze mussen Reserven aktivéiert ginn. Wéi schonn hei uewendriwwer emol erwänt gouf, muss d'Situatioun vun den Enseignanten, déi am Confinement mat vulnerabele Persoune liewen, nach mat dem Ministère de la Santé gekläert ginn.

### Ass et um Enseignant fir Lëscht mat vulnerabele Persounen opzestellen? Ass dat net éischer d'Aarbecht vun den Direktiounen oder der Gemeng? Wéi steet et do mam Dateschutz?

Bei vulnerabelen Enseignanten ass d'Prozedur kloe. De MENJE huet keng konkret Äntwert geliiwert iwwer d'Prozedur, wéi vulnerabel Kanner identifizéiert solle ginn.

## 3. Froen zur Infrastruktur an de Schoulen

### Wéi ass et mam Sanitär an de Schoulen? Bis lo gëtt op deene meeschte Plazen no 16 Auer gebotzt. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass et Sënn mécht, dass d'Botzpersonal richteg equipéiert gëtt an am Laf vum Schouldag reegelméisseg de Sanitär, d'Dëscher, d'Klenschen... ofmécht an desinfizéiert.

Dat ass eng Fro, déi zesumme mat dem Ministère de la Santé a mat de Gemenge gekuckt muss ginn. Et ginn awer warscheinlech speziell Mesuren en Place gesat. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass et do genau Krittäre soll ginn, no deene gebotzt soll ginn.

### Däerfen d'Diere mat Callen opgehale gi fir dass keen d'Klensch upake muss, och wann dat sécherheetstechnesch vläicht net erlaabt ass?

Dës Mesure kéint de MENJE sech esou virstellen.

### Däerfen d'Kanner vun engem Grupp just an engem Sall bleiwen oder kënnen si och de Sall wiesselen, z.B. fir d'Bastelen, Musek...?

Hei ass de MENJE der Meenung, dass een de «bon Sens» sollt walte loossen. D'Kanner solle méiglechst an hirem Sall bleiwen. Wann d'Wiesselen vum Sall awer eng pedagogesch Plus-value ass, da kann dat gemaach ginn.

### Däerfen d'Kanner am Schoulhaff Spiller (Gocar, ...) benotzen oder eventuell fest installéiert Gerüster a Geräter benotzen?

De MENJE kéint sech d'Benotze vun enger integréierter Spillplaz am Schoulhaff ënner strikten Oplagen a mat Surveillance virstellen. Et wär awer schwéier no baussen ze kommunizéieren, dass eng Spillplaz während der Schoul op ass a net ausserhalb vun de Schoulzäiten. Dofir geet d'Tendenz vum MENJE éischer an déi Richtung fir all déi Geräter net ze benotzen.



**Laut Menje sollen 2 Meter Distanz an all Richtung téschent de Bänke sinn. Ass dat iwverhaapt an de Säll mat eisen Dimensioune realisierbar?**

De MENJE ass sech scho bewosst, dass déi 2-Meter-Regel net iwverall ze realisieren ass. Da misst een eventuell Auswäichsäll sichen, wou een d'Distanzreegele kann anhalen. Dee Moment, wou een déi Distanzreegel net am Kllassesall kann anhale misst fir den SNE/CGFP op alle Fall d'Mondschutzpflicht gëllen.

**Wéi kommen d'Kanner an d'Schoul? Musse si eng eenzeg laang Rei maache mat 2 Meter Ofstand?**

D'Kanner komme wéi bis elo mam Bus, mam Pedibus oder mam Privatauto an d'Schoul. Nee fir d'Rei. Laut MENJE muss keng Rei mat zwee Meter Ofstand gemaach ginn. D'Kanner hu jo dee Moment nach hire Mondschutz un.

#### **4. Froen zur Tâche**

**Ass et esou, dass den « Appui pédagogique » elo d'office an « Enseignement direct » ëmgewandelt gëtt?**

De MENJE huet eis versécher, dass dat net de Fall ass.

**Bleift et derbäi, dass d'Concertatiounen, esou wéi elo am Confinement, iwver Teams lafen?**

De MENJE seet, dass d'Equippen dorunner festhale sollen.

**Bedeit d'Reduktioun vun 28 op 25 Schoulstonne just, dass de Sportunterrecht ewech fält? Soss gi jo all « Domaines d'apprentissage » behandelt (Musek, Molen a Bastelen, ...)? Oder soll sech op d'Haaptfächer konzentréiert ginn?**

De MENJE huet präziséiert, dass et just de Sportunterrecht ass, deen ausfällt. All déi aner « Domaines d'apprentissage » sollen och weiderhin ënnerriicht ginn. De Minister huet vollt Vertrauen an den Enseignant fir eng gesond Mëschung vun de Contenuen an de Fächer ze assurieren.

**Wann en Enseignant déi 25 Schoulstonne selwer wëllt assurieren, dāerf hien dann och VIESO halen, och wann hien d'Formatioun dofir net gemaach huet?**

De MENJE huet eis gesot, dass dat méiglech ass.

**Ass dem MENJE säi « Mot d'ordre » am Prinzip: « Esou mann wéi méiglech Intervenante pro Grupp? »**

Fir de MENJE ass d'Idealsituatioun nach ëmmer, dass den Titulaire déi 25 Schoulstonne soll assurieren. Wann dëst net méiglech ass, soll d'Zuel vun den Intervenanten esou kleng wéi méiglech gehale ginn.

**Mussen d'Enseignantë fir déi 6 Wochen nei Stonnepläng opstellen an déi « pour Approbation » dem Direkter presentieren? Oder gëtt dat onbürokratesch gehandhaabt?**

Hei huet de MENJE dem SNE/CGFP versécher, dass dëst onbürokratesch gehandhaabt soll ginn. Den Enseignant, dee seng 25 Schoulstonne selwer hält, brauch keen Horaire eranzeginn. Do wou Intervenanten an d'Spill kommen, muss een awer e Plang eragi fir dass ee weess, wéini wie bäi deene verschiddene Gruppen intervenéiert. Et muss ee wëssen, wie responsabel ass, wann eppes géif geschéien, dëst och well een den Enseignant schütze muss. Déi nei Schoulorganisatioun brauch just vum Schäfferot ofgeseent ze ginn.

## 5. Froen zur « Prise en charge » vun den EBS-Kanner a Primo-Arrivanten

**Wéi gesitt dir de Funktionement vum « Cours d'accueil », vum « Cours d'appui » a vun de « Centres d'apprentissage », wann et net zu enger Vermëschung vun de Kanner däerf kommen?**

De MENJE an den SNE/CGFP ware sech eens, dass et hei och net zu enger Vermëschung vun de Kanner däerft kommen. D'« Classe d'accueil », d'« Classe d'appui », déi wéi normal Gruppe funktionéieren, sinn eng Méiglechkeet, eng voll Integratioun vun deene Kanner an hire Grupp d'Attache ass en aner Méiglechkeet. De MENJE wëllt de Schoulen d'Fräiheet ginn sech selwer ze organiséieren, esou wéi et fir si am beschte passt.

**Wéi gesäit ab elo d'Roll an d'Interventioun vum I-EBS aus?**

De MENJE ass der Meenung, dass een den I-EBS net esou asetze ka wéi bis elo. Och hie soll beschtméiglechst agesat ginn, ouni dass et zu enger Vermëschung vun de Kanner kënnt. Eng weider Fro stellt sech awer nach fir den SNE/CGFP: Kann den I-EBS mat eenzele Kanner mat de gréisste « Besoins individuels » zu verschiddene Plagen an hirem Sall schaffen?

**Wat maache mir mat eise verhalensopfällege Kanner? Déi hale sech jo u keng Reegel an elo och bestëmmt net un déi nei Sécherheitsmesuren.**

De MENJE ass sech dëser Problematik bewosst, huet awer och keng « Solution miracle » heifir.

## 6. Froen zum Verhalen an der Klass

**Kënnen d'Kanner gemeinsamt Material (Bicher, Laptop, Aarbechtshefter, ...) benotzen an ënnerteneen austauschen?**

De MENJE erlaabt d'Benotzen an d'Austausche vu gemeinsame Material. Den SNE/CGFP fuerdert, dass do d'Material, esou wäit wéi méiglech, regelméisseg misst desinfizéiert ginn.

**Mir hunn elo scho praktesch keng Handhab, wa Kanner net follegen. Wéi solle mir dann elo dës strikt sanitär Moosname bei all eise Kanner duerchsetzen?**

Genau esou wéi bei der Fro vun de verhalensopfällege Kanner huet de MENJE och hei keng « Solution miracle » fir dëse Problem.

**Wat maache mir bei Sträit? Mir kënnen jo do net wéi gewinnt intervenéieren.**

Den SNE/CGFP ka sech just virstellen, dass den Enseignant an deene Fäll mat enger Mask intervenéiere kann.

## 7. Froen zur Maskepflicht

**Missten d'Kanner an d'Enseignanten net hire Mask am normale Betrib an der Klass unhalen, well et do onméiglech ass während dem Unterrecht d'Distanzregel vun 2 Meter anzehalen? Esou kéint gläichzäiteg och evitéiert ginn, dass d'Kanner hir Maske vertauschen.**

Am Prinzip gëllt d'Maskepflicht bis an de Sall. Duerno, am Sall kann een d'Mask ausdoen, wann een dat wëllt. Den SNE/CGFP verlaangt, dass d'Maskepflicht och am Sall gëlle muss, wann d'2-Meter-Distanz net kann agehale ginn. De MENJE ass der Meenung, dass d'Gefor vum Vertausche vun de Buffen net esou grouss ass, well d'Kanner eventuell hiren eegene Buff mat an d'Schoul bréngen.

**Misste mir net mat all Kand mat Mask op d'Toilette matgoe fir ze kontrolléieren, dass se sech um Wee net kräize mat anere Kanner? Wéi ass et dee Moment mat der Surveillance vun de Kanner aus dem Grupp?**

Fir de MENJE ass et an der Rei, wann d'Kanner weiderhin eleng op d'Toilette ginn.



### **Misst den Enseignant net e Stock un Ersatzmaske kréien, wann e Kand seng Mask vergiess, verluer oder vertässelt huet?**

De MENJE ass der Meenung, dass dëse Risiko méi kleng ass, well et sech bei der Mask ëm e Buff handelt. Trotzdeem ass den SNE/CGFP der Meenung, dass den Enseignant op eng Reserv vu Masken zrückgräife misst kënnen.

### **Wär e « Faceshield » net eng Alternativ zum Mask fir den Enseignant?**

De MENJE huet erkläert, dass si eng 5000 « Faceshield » zur Verfügung hu fir d'Schoulen am Land. D'Enseignantë kënnen där ufroen, wa si der gären hätten. Allerdéngs huet sech bei Versich mat engem « Faceshield » ze schaffen erausgestallt, dass dat ganz schwéier wär, während engem ganze Moien domadder ze schaffen. De MENJE geet dervun aus, dass déi « Faceshield » wuel kaum gebraucht ginn.

Et ass ausserdeem virgesinn eng Plack aus Plexiglas virun all Pult ze installéieren.

### **Wéi dacks mussen d'Maske gewiesselt ginn? Ginn et all Dag neier? Wéi laang si si effikass?**

De MENJE huet eis doriwwer informéiert, dass an enger éischer Phas jeeweils zwee Buffe fir all Enseignant a fir all Kand virgesi sinn.

## **8. Froen zu den Elteregespréicher**

### **Ab wéini a mat wéi enge Mesurë kënnen Elteregespréicher an der Schoul organiséiert ginn?**

Am Prinzip soll d'Reegel gëllen: Et fanne keng Elteregespréicher an der Schoul statt. Wann awer e Besoin do ass, da kann et derzou kommen, awer op Distanz. All Regruppement vun Elteren an a ronderëm d'Schoul soll evitéiert ginn.

### **Am Cycle 4.2. sollen d'Gespréicher mam Psycholog am Mee ufänken. Ass dat da schonn erlaabt d'Elteren an d'Schoul anzelueden? Kënne mir hinnen déi 2 Méiglechkeete proposéieren, per Videokonferenz oder an der Schoul? Wa per Videokonferenz, wéi kréien d'Elteren dann Asiicht an d'Dokumenter, zum Beispill an de psychologeschen Test?**

De MENJE seet, dass d'Reuniounen och kënnen iwver Videokonferenz gemaach ginn. Fir den SNE/CGFP bleiwen am Zesummenhang mat der Orientéierungsprozedur nach eng Rei Froen op.